LSAP

**N° 4395**
Reçue le 02.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.06.2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2021

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

1670 SchülerInnen hunn wärend dem Schouljoer 2019/2020 hire Schoulparcours ofgebrach. Am Joresrapport vum Service de médiation scolaire (SMS), geet ervir, dass e Schoulofbroch dacks a Verbindung mat engem Schoulverweis steet. Vun esou engem Renvoi gëtt dem SMS no, ze séier an ze oft Gebrauch gemaach.

An deem Zesummenhang well ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Wéi vill Schoulverweiser ginn pro Joer zu Lëtzebuerg ausgeschwat?
- Kennt de Minister Zuelen, no wéi vill Schoulverweiser et zu engem Schoulofbroch komm ass?
- Am Gesetz iwwert d'Lycéesorganisatioun ass eng präzis Prozedur fir en eventuelle Schoulverweis virgesinn. Sinn dem Minister Fäll bekannt, wou sech net un dës Prozedur, notamment wat d'Informatiounsflicht un d'Elteren an den Délais fir e Recours ugeet, gehale ginn ass?
  Wann jo, wéi gouf hei vu Säite vum Ministère reagéiert?
- Aus dem Rapport vum SMS geet ervir, dass de Minister als Reaktioun op d'Recommandatioun 25/2020 e Courrier un d'Lycéeë geschéckt huet, an deem hien d'Prozedur fir e "Renvoi disciplinaire" nach emol präziséiert. Gouf et no dësem Courrier nach weider Problemer mat Schoulverweiser? Ass d'Zuel vun esou Renvoien zënterhier erofgaangen?
- Wéi oft kënnt et no engem Renvoi zu engem Recours?
- Wéi eng aner Sanktiounen, nieft oder virun dem Renvoi, wiere méiglech? Wéi oft ginn dës agesat?
- Wéi reagéiert de Minister op d'Kritik vum SMS, et wier eng onnéideg duebel Bestrofung, dass e Jonken sech no engem Schoulverweis nëmmen ënner Oplagen an eng nei Schoul kann aschreiwen?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4395 vun der honorabelen Madame Deputéierte Francine Closener**

**Ad 1)**

Am Schouljoer 2019/2020 goufen an de Lycéeën 161 Conseil-de-disciplinnen aberuff, an 112 Fäll gouf e Schoulverweis gesprach.

**Ad 2)**

De Rapport *Jeunes décrocheurs et jeunes inactifs au Luxembourg*, deen dëst Joer vu mengem Ministère publizéiert gouf, beschäftegt sech ënnert anerem mat de Motiver, déi zu engem Schoulofbroch gefouert hunn.

Vun 1.670 Decrocheuren hunn der 483 e Motiv uginn; a 15 Fäll (3,1 %) huet e Schoulverweis zu engem Decrochage gefouert.

Laut Artikel 43*ter* vum Gesetz vum 25. Juni 2004 iwwer d'Lycéesorganisatioun (*Loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*), ass den Direkter no engem Schoulverweis verflicht, de Schüler iwwer déi verschidde Méiglechkeeten ze informéieren déi sech him bidden, fir d'Kontinuitéit vu sengem Schoulparcours ze garantéieren.

Fir Schüler, déi nach schoulflichteg sinn, assuréiert den Direkter, datt de Schüler nach an der Woch nom Schoulverweis an engem anere Lycée ageschriwwe gëtt.

Fir déi Schüler, déi net méi ënner d'Obligation scolaire falen, fixéiert den Direkter e Rendez-vous mam Schüler, sengen Elteren (wann et sech ëm e mannerjärege Schüler handelt) a mam Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS), wou de Schüler iwwer seng schoulesch a professionell Perspektive berode gëtt. Déi ganz grouss Majoritéit vun de Schüler ginn an enger neier Schoul ageschriwwen.

**Ad 3)**

E Schoulverweis ass un eng prezis Prozedur mat genaue Virgabe gebonnen.

Dës Prozedur, déi am Gesetz iwwer d'Lycéesorganisatioun verankert ass, an och reegelméisseg de Lycéesdirektioune rappeléiert gëtt, respektéiert d'Prinzipien an d'Garantië vun der Procédure administrative non contentieuse (PANC). Si stellt virun allem sécher, datt d'Droits de la défense vum Schüler assuréiert sinn an hien seng Intérête ka verdeedegen. Dës Prozedur gesäit ënner anerem d'Compositioun vum Conseil de discipline vir, d'Recht, datt de Schüler kann seng Elteren, mee och en externe Conseil (wéi zum Beispill en Affekot) matbréngen, an de Fait, datt Zeien oder aner Persoune kënne gehéiert ginn, déi de Conseil iwwer d'Situatioun vum Schüler kënnen eclairéieren. Schliisslech muss de Schüler d'Méiglechkeet hunn, seng Versioun an Erklärungen dem Conseil virzeleeën.

D'Gesetz gesäit och eng Informatiounsflicht un d'Eltere vir, wann et sech ëm mannerjäreg Schüler handelt, a fixéiert d'Reegelen wat d'Delaien ubelaangt, déi mussen agehale ginn, fir e Recours géint d'Decisioun vum Conseil de discipline anzereechen.

Ee sougenannte "vice de forme" kann awer virkommen: a vereenzelte Fäll goufen déi gesetzlech Virgabe wuel net agehalen, an dofir goufen op en neits Richtlinnen un d'Lycéeë geschéckt, fir d'Prozedur vum Renvoi nach besser ze erklären an op déi wichteg Punkten opmierksam ze maachen.

**Ad 4)**

Et ass am Moment nach ze fréi, fir eng richteg Analys kënnen ze maachen, an op d'Fro ze äntwerten, ob d'Zuel vun esou Renvoien erofgaangen ass. Fir eng kloer Schlussfolgerung kënnen ze zéien, muss een sech d'Zuelen nom Schluss vum Schouljoer nach eng Kéier ukucken.

**Ad 5)**

Dëst sinn d'Zuele vun den Recoursë virun der Commission de recours en matière disciplinaire a mengem Ministère iwwer déi lescht fënnef Joer:

| | |
|---|---|
| 2020/2021 | 4 |
| 2019/2020 | 6 |
| 2018/2019 | 3 |
| 2017/2018 | 8 |
| 2016/2017 | 11 |

**Ad 6)**

Den Artikel 42 aus dem Gesetz iwwert d'Lycéeorganisatioun gesäit sougenannte "mesures éducatives" vir, déi applizéiert ginn, falls e Schüler géint d'Disciplinesreegele verstéisst.

Dës Mesurë solle verschiddene Kriterie Rechnung droen, wéi zum Beipill dem Alter an der Maturitéit vum Schüler, der Gravitéit vum Feelverhalen asw. Et ginn zwou Kategorië vu Mesuren; déi éischt kënne vun engem Enseignant, engem Direktiounsmember oder engem Surveillant geholl ginn, déi zweet, méi streng Kategorie vu Mesuren, kënne just vun der Direktioun geholl ginn, nodeems de Conseil de classe säin Avis dozou ofginn huet.

Zur éischter Kategorie gehéiere follgend Mesuren:

*1° le rappel à l'ordre ou le blâme ;*
*2° le travail d'intérêt pédagogique ;*
*3° l'exclusion temporaire de la leçon avec une surveillance adéquate ;*
*4° la retenue en dehors des heures de classe, sous surveillance, et avec l'obligation de faire un devoir imposé par l'enseignant ou le surveillant ;*
*5° la confiscation temporaire d'un objet qui est interdit dans l'enceinte du lycée ou au cours. (...)*

Déi zweet Kategorie beinhalt:

*1° une activité dans l'intérêt de la communauté scolaire, en relation avec le manquement ;*
*2° le transfert temporaire ou définitif à une autre classe du même établissement ;*
*3° l'exclusion de tous les cours pendant une durée de un jour à deux semaines. Pour l'élève mineur, elle est accompagnée, pendant l'horaire normal de classe de l'élève sanctionné, de mesures destinées à garantir la poursuite de la scolarité de l'élève.*

Dës Mesurë kënne fir follgend Verhale geholl ginn:

Art. 42 : *(4) Les mesures éducatives sont prises suite aux manquements suivants :*

*1° les actes d'incivilité et d'impertinence commis à l'égard des membres de la communauté scolaire ;*
*2° le refus d'obéissance ;*

*3° le refus d'assister aux cours ou de composer ;*

*4° l'absence injustifiée des cours durant au plus soixante leçons au cours d'une même année scolaire, ou au plus trente leçons pour les élèves des classes concomitantes, et les retards réitérés ainsi que l'absence injustifiée à l'appui auquel l'élève s'est inscrit ou la non-réalisation des travaux qui lui sont indiqués ;*

*5° la présence au lycée en état d'ébriété ou sous l'emprise de stupéfiants prohibés ;*

*6° la détention ou la consommation d'alcool dans l'enceinte du lycée ;*

*7° la consommation de tabac à l'intérieur du lycée et dans son enceinte ;*

*8° la fraude ;*

*9° l'incitation au désordre ou à un manquement ;*

*10° l'organisation, dans l'enceinte du lycée, de manifestations non autorisées par le directeur ;*

*11° les infractions visées à l'article 43 qui ne justifient pas le renvoi.*

*(5) Le directeur peut fixer un rendez-vous pour l'élève avec le service psycho-social et d'accompagnement scolaires du lycée ou avec un service extérieur compétent. L'élève majeur ou les parents de l'élève mineur en sont informés par écrit.*

*L'élève et les parents de l'élève mineur sont tenus de s'y présenter.*

**Ad 7)**

Wat d'Recommandatioun vum Service de médiation scolaire ugeet, mussen zwee Fäll ënnerscheet ginn:

1. De Fall vum Schüler, deen an enger sougenannter "Formation unique" ageschriwwen ass, déi an engem eenzege Lycée am Land ugebuede gëtt: Wann esou e Schüler aus dem Lycée verwise gëtt, schéngt d'Sanctioun exzessiv staark, well him dann d'Méiglechkeet geholl géif ginn, dës Formatioun am Land fäerdeg ze maachen. Dëst war och, ënner anerem, d'Iddi vum Législateur hannert dem Artikel 43*ter*, fir et dem Schüler ze erméiglechen, trotz Schoulverweis, seng Formatioun kënne fäerdeg ze maachen. De Schüler soll dann ënner Oplagen erëm opgeholl ginn; e weidert Feelverhale soll esou kënnen evitéiert ginn.

2. Den zweete Fall ass dee vun de Schüler, déi keng "Formation unique" suivéieren an aus hirem Lycée verwise ginn. D'Kritik, datt et eng duebel Bestrofung wier, wann de Schüler sech dann nëmmen ënner Oplagen an engem neie Lycée aschreiwe kann, ass berechtegt. Ech wäert am Kader vun der nächster Ännerung vum Lycéesgesetz dem Legislateur proposéieren, dësen Artikel unzepassen. An der Tëschenzäit wäert ech de Schouldirektiounen noleeën, dës Praxis net méi unzewenden.